



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Développement durable  
et des Infrastructures

Département de l'aménagement  
du territoire



## Pressemitteilung, Lëtzebuerg, den 24.11.2017

### NATURPARK MËLLERDALL – Kandidatur fir UNESCO GLOBAL GEOPARK Unerkennung agereecht

**A Präsenz vun der Ëmweltministerin, der Madame Carole Dieschbourg a vum Staatssekretär an der Kultur, dem Här Guy Arendt huet d 'Presidentin vun der nationaler Kommissioun fir d 'Zesummenaarbecht mat der UNESCO, d 'Madame Simone Beck di offiziell Kandidatur vum Naturpark Mëllerdall fir d 'Unerkennung als UNESCO GLOBAL GEOPARK op Paräis bei UNESCO-Kommissioun geschéckt.**

No enger Rei Méint intensiver Aarbecht huet den Naturpark Mëllerdall den Dossier fir Kandidatur fir d 'Unerkennung als UNESCO GLOBAL GEOPARK fäerdeg gestallt. D 'Geoparke sinn eenheetlech geografesch Gebidder, an deenen d 'Siten a Landschaften vun internationaler geologescher Räichwäit no engem Gesamtkonzept geréiert ginn, déi de Schutz, d 'Bildung an di nohalteg Entwécklung sécherstellen. Weltwäit ginn et 127 UNESCO GLOBAL GEOPARKS a 35 Länner.

UNESCO GLOBAL GEOPARKS ass en Netzwierk vun unerkannten eenzegaartege geologesche Gebidder, wou den Erhalt fir ganz Mënschheet vu Wichtegkeet ass. D 'Geologie huet en immense Wäert an erlaabt et der Mënschheet, fir an d 'Vergangenheet ze kucken – si weist eis d 'Evolutioun vun eiser Äerd a vun eise Kulturen. D 'Wëssen em eise Planéit kann dank der Interpretatioun vun der Geologie un eis Kanner weider gerecht ginn.

### **Den Naturpark Mëllerdall a gudder Lag**

Di 12 Gemenge vum Naturpark si sech bewusst, wéi wichteg esou eng Reconnaissance vun der UNESCO ass a gesinn doranner eng Verstärkung vun hirem Territoire an en zousätzleche kulturellen, ekonomeschen an ekologeschen Atout fir d 'Regioun.

Fir kënnen UNESCO GLOBAL GEOPARK ze ginn, ginn et kloer Critèren: Eng Regioun muss nowiesen, dass zesumme geschafft gëtt an dëst am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung. Den Naturpark Mëllerdall, den 2016 per Reglement Grand-Ducal vum 17. März gegrënnt gouf, bitt deemno déi ideal Struktur fir Gestioune vun esou engem Geopark. Ziler vum Naturpark, déi per Gesetz vum 10. August 2003 definéiert sinn, ënnersträichen engersäits d

‘Wichtigkeet vum Erhalt vun eiser Ëmwelt, der Natur an der Landschaft an anersäits déi nohalteg wiirtschaftlech Entwécklung vun dem Territoire. Den Naturpark, dee vun engem interkommunale Syndikat gefouert gëtt, huet ausserdeem d ‘Spécificitéit, dass net nëmmen 12 Gemengeverrieder mee och 9 Verrieder vu Ministèreen a Verwaltunge mat ronderëm den Dësch setzen.

Den Dossier, de vum Naturpark Mëllerdall zesummegehallt gouf, an zesummenaarbecht mat dem Nohaltegkeetsministère, dem Departement vun der Landesplanung an dem Aarbechtsgrupp Geologie, geet op all dës Aspekter an. Dobäi gouf sech un d ‘Virgabe vun der UNESCO gehalen – op 50 Säite gëtt d ‘Regioun erkläert, de geologeschen Ierwen, d ‘Efforten an de Beräicher vun der Geokonservatioun, dem Geotourismus, der Geoeducatioun an der Ekonomie. An all dës Beräicher huet den Naturpark Mëllerdall déi lescht Joren zesumme mat Partner geschafft. Eng ganz Rëtsch Institutiounen an Organisatiounen aus der Regioun an driwwer eraus ënnerstëtzen duerfir och d ‘Kandidatur vum Naturpark als UNESCO GLOBAL GEOPARK.

### **Nächst Etappen: Visite vun Experte fir 2018**

De Kandidatursdossier gëtt dës Woch agereecht. Déi nächst Etappe besteet elo dodran, dass d ‘UNESCO d ‘nächst Joer Fachleit op Lëtzebuerg schéckt, fir den Dossier duerch ze schwätzen an sech d ‘Regioun unzekucken. D ‘Décisioun vun der UNESCO gëtt am Abrëll 2019 bekannt.